Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20. Juni 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

An der Nuecht vum 20. Mee gouf zu Wincheringen an Däitschland, direkt am Lëtzebuerger Grenzgebitt e Bancomat gesprengt. D'Täter si mat engem BMW mat Lëtzebuerger Plack geflücht, mat deem si awer kuerz drop en Accident haten. Opgrond vun Hiweiser vun de Leit konnten déi däitsch Beamten dräi Verdächteger festhuelen, déi elo an Untersuchungshaft sëtzen. Och Lëtzebuerg gouf an de leschte Jore vun enger Serie vu Bancomatesprengungen erfaasst, woubäi et sech warscheinlech ëm international organiséiert Tätergruppe gehandelt huet.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Policeminister gär dës Froe stellen:

1) Konnt de rechtméissege Proprietaire vum verongléckte BMW ermëttelt ginn?
2) Kann den Här Minister matdeelen, ob Lëtzebuerger Beamten am Kader vun der grenziwwerschreidender Zesummenaarbecht vun der Police d'Méiglechkeet hunn, déi an Däitschland festgeholl Täter ze verhéieren, fir eventuell weider Hiweiser op d'Verbriechen zu Lëtzebuerg ze kréien?
3) An engem weidere Fall gouf viru kuerzem en Täter duerch d'spuenesch Autoritéiten un Däitschland iwwerstallt, dee fir net manner wéi 40 Sprengungen an Däitschland soll mat responsabel sinn, dorënner och am Nopeschland Rheinland-Pfalz. Kréien d'Lëtzebuerger Beamten och hei Zougang zu den Erkenntnisser vun hiren däitsche Kolleegen?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten